LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Économie

**Réponse de Monsieur le ministre de l'Économie, des PME, de l'Énergie et du Tourisme, Lex Delles, à la question parlementaire n°440 du 7 mars 2024 de Messieurs les Députés Ben Polidori et Sven Clement concernant une étude du LISER au sujet des aides étatiques**

No der Etüd, déi de LISER am Optrag vun der Chambre des Salariés gemaach huet, plangt de STATEC Donnéeën aus der Ëmfro iwwer d'Akommes an d'Liewensbedingunge vun de Stéit *(European Survey on Icome and Living Condtions - EU-SILC)* ze notzen, fir quantitativ den Undeel vu Leit ze schätzen, déi Hëllefe vum Staat ze gutt hätten, dës awer net ufroen.

D'EU-SILC Ëmfro ass op europäeschem Niveau en zentrale Pilier fir déi verschidden national Situatioune par Rapport zu europäeschen Ziler ze situéieren. Zu Lëtzebuerg gëtt dës Ëmfro ënnert der Verantwortung vum STATEC duerchgefouert, deen all Joer eng representativ Prouf vun den Awunner am Land interviewt. Am Joer 2023 hu ronn 10.000 Leit, déi a 4.500 Stéit wunnen, op d'Ëmfro geäntwert. Baséierend op d'Resultater vun der Ëmfro vun 2023, wäert de STATEC weider Analyse maache fir d'Ausmooss vum Phänomen, dass Aiden déi zoustinn net ugefrot ginn, ze schätzen. E Verglach tëschent de Resultater vun der STATEC Etüd an dem LISER senger Etüd wäert och duerchgefouert ginn.

D'EU-SILC Ëmfro ass fir dës Analyse géeegent, well se all Joer präzis Informatiounen iwwer d'Akommes an d'Liewensbedingungen am Grand-Duché sammelt. De STATEC huet domat Informatiounen iwwer déi verschidden Akommesquelle vun de Leit (Salairen, Pensiounen, Chômage, Invaliderent oder aner sozial Leeschtunge wéi Kannergeld, Studiebourse, Liewensdeierechtzoulag, Loyerssubventioun). Déi gesammelt Donnéeën decken och aner Themen of, déi mat Aarmut a sozialer Ausgrenzung verbonne sinn, wéi zum Beispill déi materiell Privatioun, d'Gesondheet, d'Aarbechts- a Beruffssituatioun, de Logement, etc.

Am Budget vum STATEC si keng zousätzlech Ressourcë fir dës Etüd geplangt a si wäert an déi gewinnten Aarbechte fir de Rapport *„Travail et Cohésion social"* deen all Joer vum STATEC publizéiert gëtt, integréiert ginn.

All Joer am Oktober, am Kader vum Internationalen Dag fir d'Aarmutsbekämpfung, publizéiert de STATEC de Rapport *„Travail et Cohésion social"*, deen d'Resultater vun den Haaptetüden iwwer Aarbecht, Akommes, Ongläichheeten, Aarmut a sozial Ausgrenzung vun der Bevëlkerung zu Lëtzebuerg presentéiert. D'Resultater vun der Etüd iwwert déi quantitativ Schätzung vum Undeel vun de d'Leit, déi d'Hëllefe vum Staat ze gutt hätten, awer net ufroen, wäerten an dësem Rapport presentéiert ginn.

De STATEC wäert d'Resultater net virum Hierscht 2025 fäerdeg hunn a steet der Chamber dee Moment selbstverständlech zur Verfügung fir d'Conclusioune virzestellen.

Luxembourg, le 09/04/2024

Le Ministre de l'Économie, des PME,
de l'Énergie et du Tourisme,

(s.) Lex Delles